N°3301
Entrée le 14.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3301 vum 5. Dezember 2025 vum Här Deputéierte Michel Lemaire.

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen am Kader vum Ofstand têschent Autoen a Vëloen am Stroosseverkéier.

*Fro 1: Kann d'Madamm Minister bestätegen, datt Vëlosfuerer d'Ofstandsreegel, déi zu hirer Sécherheet opgestallt gouf, reegelméisseg verletzen? Wéi reagéiert si dorop?*

D'VëlofuererInne verletzen d'Ofstandsreegel net, well se fir si net gëllt.

D'Ofstandsreegel, déi 2018 agefouert gouf, beschreift d'Situatioun wou e motoriséiert Gefier ee/eng VëlofuererInn iwwerhëlt. D'Iwwerhuele setzt, am Sënn vum Code de la Route, viraus, dass béid Gefierer fräi fueren. Beim Iwwerhuele vun engem Vëlo mat engem motoriséierte Gefier muss een 1,5m Plaz loossen. Sollt de/d'VëlofuererInn allerdéngs, am fuerende Verkéier, en Auto iwwerhuelen, wat net sou heefeg virkënnt, sinn déi 1,5m net virgeschriwwen. Dës Reegel gouf agefouert, fir de/déi vulnerabele(n) BenotzerInn  am fuerende Verkéier ze schützen.

Wat de stoende Verkéier betrëfft, ass et säit 2001 erlaabt fir op enger Kräizung bei Roude Luuchten oder Zebrasträifen, mat sengem Vëlo laanscht déi stoend Gefierer ze fueren, fir sou beispillsweis de sougenannte Vëlo-Sas (Waardeberäich fir Vëlosfuerer virun der Haltelinn) ze erreechen. De Manöver muss am Respekt vun der Sécherheet ausgefouert ginn, mee et ass kee speziellen Ofstand virgeschriwwen.

*Fro 2: Wéi dacks goufe säit der Aféierung vun der 1,5 Meter Reegel am Code de la Route Kontrolle gemaach, fir geziilt Vëlosfuerer ze identifizéieren, déi am Fall vu méi luesem oder stoendem Verkéier méi no wéi 1,5 Meter laanscht d'Autoe gefuer sinn? Wéi vill Geldstrofe goufen andeem Sënn verhaangen?*

Wéi schonns bei der éischter Fro beschriwwen, mécht ee/eng VëlofuererInn sech am Sënn vun der Fro net strofbar.

Dofir gouf et an dësem Zesummenhang och keng Geldstrofen.

*Fro 3: Gesäit d'Madamm Minister an Zukunft och geziilt Campagnë laanscht d'Vëlospiste vir, fir op gesetzlech Flichten, oder allgemeng Recommandatiounen, wéi z.B. den Helm opmierksam ze maachen? Falls net, firwat net?*

Sensibiliséierung ass en zentrale Pilier vun der Verkéierssécherheet. De Ministère wäert och an Zukunft geziilt Informatiouns- a Preventiounscampagnë weiderféieren, déi sech un all Persounen am Stroosseverkéier riichten a sech un der Accidentologie, der Saison an de Besoine vun de jeeweilege Kategorië vu BenotzerInnen orientéieren.

Bei spezifesche Probleemer setzt de Ministère prioritär op punktuell Aktiounen op strategesche Plazen, wéi Kräizungen oder bekannte Konfliktpunkten. Et geet dobäi net drëm, allgemeng Reegelen aus dem Code de la Route zousätzlech iwwer permanent Schëlder unzeweisen. Eng systematesch Zousazbeschëlderung géif soss zu Iwwerbeschëlderung a verstäerkter Oflenkung

féieren a wier domat – besonnesch op ofgegrenzte Vëlospisten, wou d'Konfliktpotential tëschent de BenotzerInnen am Reegelfall net héich ass – esouguer éischter kontraproduktiv.

Op ausgewielten a besonnesch sécherheetsrelevante Plaze mat héijem Konfliktpotential gouf et allerdéngs als néideg ugesinn, konkret Rappelle vun der 1,5-m-Reegel opzestellen, och mat Bléck op auslännesch Autofuerer, well *„d'Konsequenze vu vermeintlech klengen Incivilitéiten"*, wéi den honorabelen Deputéierten se beschreift, fir d'Persoun um Vëlo hei fatal kënne sinn.

Wat Verhalensreegele fir CyclistInnen a Recommandatiounen ugeet, déi virun allem dem eegene Schutz déngen, gëtt nieft spezifesche Vëloscampagne besonnesch staark op den edukative Beräich an op d'Programmer vun eise Partner an de Schoulen zeréckgegraff.

*Fro 4: Gesäit d'Madamm Minister vir, fir Vëlosverbänn, déi Sue vum Ministère kréien an Zukunft mat an d'Flicht ze huelen, fir hir Memberen ze sensibiliséieren? Falls net, firwat net?*

Déi Vëlosverbänn, déi vu mengem Ministère an aneren ëffentlechen Acteuren ee Subsid kréien, si selwer Demandeur, fir an d'Ausschaffe vu Sensibiliséierungscampagnen agebonnen ze ginn. Dëst wor nach am Abrëll 2025 de Fall bei der Campagne *„La route pour tout le monde, les règles aussi"*. Doriwwer eraus organiséieren si och selwer wichteg Sensibiliséierungscampagnen, wéi zum Beispill all November zesumme mat der Sécurité Routière an anere Partneren d'Campagne *„Be visible – be safe"*. Hei gi Cyclistinnen a Cyclisten op d'Obligatioune vum Code de la Route higewise betreffend den Equipement vum Vëlo a besonnesch d'Beliichtung dovun an der däischterer Joreszäit.

Lëtzebuerg, den 14. Januar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes